

kierperlech sinn. E kann no baussen hi siichtbar sinn oder och net. Wann een da liest, dass méi wéi 80 Milliounen Leit, also ongeféier een op sechs, hei an der Europäescher Unioun ënner iergendenger Form vun engem Handicap leiden, dann ass et e groussen Undeel vun der europäescher Populatioun. Mee egal, ëm wéi eng Aart vun Handicap et geet, déi betrafte Persounen hunn et dacks schwéier am Liewen.

Firwat? Ma well eis Gesellschaft d'Leit mat engem Handicap dacks ongewollt vergiess huet. Dat ass natierlech net béis gemengt, mee deem muss een trotzdeem Rechnung droen, a vu politescher Säit ass et eeben eisen Deel, deen derzou muss bäigedroe ginn.

Persounen mat engem Handicap si genauou gutt en Deel vun der Gesellschaft wéi Leit ouni Handicap a mir mussen dowéinst och derfir suergen, dass si och trotz hirer Aschränkung un eiser Gesellschaft an um aldeegleche Liewe kënnen onageschränkt deelhuelen, ouni dauernd op iergendwelch Hürden ze treffen.

Mat deem heite Projet de loi setze mir eng EU-Direktiv ëm, déi fir méi eng grouss Accessibilitéit vu Produiten a Servicer fir Leit mat engem Handicap soll suergen. An dat ass och noutwenneg, well och Persounen mat engem Handicap hunn e Recht op en onofhängegt a selbstbestëmmt Liewen!

Ginn duerch d'Ëmsetze vun dëser Direktiv alleguerten d'Problemer direkt geléist? D'Äntwert ass Nee. Ech hat nach am November an enger Question parlementaire, der Nummer 7246, drop opmierksam gemaach, dass et zum Beispill hei am Land, wann een am Rollstull sëtzt, quasi onméiglech ass, mat engem Elektroauto ze fueren. An do huet den Här Turmes mer drop geäntwert: „Aktuell ginn et keng spezifesch Virgaben, fir Luedstatiounen fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel ze gestalten“, souwuel fir d'Parkplaze selwer wéi och den Display oder d'Utilisatioun vu sou Bornen. Et ass ee Beispill, wou vläicht nach keen dru geduecht hat virduen, fir déi och accessibel ze maachen. Mee zum Beispill Leit mat engem Handicap kënnen den Elektroauto net benotzen, well vu staatlecher Säit net virginn ass, dass déi Borne mussen deementspriedend ausgerüst sinn an déi Plaz hunn an déi Displayen.

Dat ass ee kleng Punkt, wou sécherlech kee béise Wëlle war, mee wou een awer am Alldag drop stéisst a wou een op esou Punkte muss nobesseren. Ech hoffen och, d'Regierung hëlt eng aner Positioun a wéi nëmmen, dass et aktuell keng Virgabe géif ginn. Mee ech hoffen, dass d'Elektromobilitéit sech herno u jidderee ka richten.

Mir maachen trotzdeem a ville Beräicher e ganz grouse Schrëtt no vir, e Schrëtt fir eng gläichberechtigt Gesellschaft. Dat Eenzezt, wat mir Piraten bedauern, ass, dass dëst Gesetz eréischt a méi wéi zwee Joer, also 2025, wäert a Kraaft trieden an dass et dann eng Période transitoire bis 2030 gëtt.

Mee ech soen Iech awer scho mol Merci, mir wäerten dësen Accord och haut matstëmmen. A mir freeën eis op d'Gesetz, an dass dann och déi kleng Feeler, déi nach an der Gesellschaft bestinn, zum Beispill zur Mobilitéit, och behuewe ginn. Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a

mëndleche Rapport. Merci och all de Riedner haut hei an der Chamber. Ech spieren, dass mer ons, mengen ech, eens sinn, duerfir brauch ech net ganz laang ze sinn.

D'Madamm Simone Asselborn-Bintz huet e Beispill gi vun Accessibilitéit, mee et gëtt anerer: Wann Der iergendeen elektrescht Gerät kaaft an Dir hutt eng Gebrauchsanweisung, déi Der net verstitt, Installatiounsweisungen, déi Der net verstitt, dann ass dat scho ganz komplizéiert. Elo kann et awer och sinn, dass Der zum Beispill op e Bancomat kënnst goen an engem Land, an engem aneren net, well et aneschters funktionéiert. An do geet et eebe grad drëms, an Europa d'Saachen och eenheetlech ze maachen, fir dass Leit, déi speziell Bedürfnisser hunn, sech och a ganz Europa zurechtfannen an dass se och kënnen a ganz Europa circuléieren an alles kënnen benotzen.

Bon, hei geet et natierlech ganz wäit bei deem European Accessibility Act. Et geet drëms, dass Computer- a Betriebssystemer accessibel ginn, d'Geldautomaten – dat hunn ech scho gesot –, awer och Smartphones zum Beispill, dass déi och méi accessibel ginn, d'Télee, d'Telefondéngschter, d'Noutrufnummer 112 zum Beispill, audiovisuell Mediendéngschter, Déngschtleeschungen a Loft-, Bus-, Schinnen- a Schëffsverkéier, Bankdéngschtleeschungen, E-Books, E-Commerce. Dir gesitt, dat ass ganz vast, dat geet ganz, ganz wäit an dat ass och gutt esou, well mer alleguerten Accessibilitéit brauchen!

Mir brauchen eenheetlech Ufuerderungen an der ganzer EU a mir mussen dat och dofir ëmsetzen. Mir si liicht a Verspéidung, awer glécklecherweis net ze vill. An ech sinn immens frou, dass dat Gesetz haut hei an der Chamber ka gestëmmt ginn.

Et gouf nach eng fakultativ Dispositioun iwwert d'Accessibilité de l'environnement bâti. Do ass déi gutt Nouvelle, dass mer dat schonn ëmgesat hunn, mam Gesetz, dat Dir de 7. Januar 2022 gestëmmt hutt, wou d'Accessibilitéit wierklech wäert garantéiert sinn hei am Land. An Zäit vun zéng Joer muss alles esou ëmgebaut sinn, dass et accessibel ass, an ech mengen, souwuel de Staat wéi och all déi aner mussen sech drun halen.

Wat ass beim European Accessibility Act interessant? Ech mengen, et ass gesot ginn: Et ass interessant, dass et europawäit ass. Dat heescht, et kann ee wierklech dran investéieren an et muss een net fäerten, dass iergendwéi en anere mat engem anere System kënnst, well de System muss esou sinn, dass en accessibel ass, an da kann en och a ganz Europa dee Moment gebraucht ginn.

Dir hutt et och gesot, den OSAPS wäert gegrennt ginn, dat ass den Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services, deen da wierklech wäert och sécherstellen, dass alles wäert accessibel sinn. An dat ass genau dat, wat mer wëllen am Zeeche vun der UN-Behënnerterechtskonventioun, déi mer ënnerschriwwen hunn: dass mer méi accessibel ginn, fir ons alleguerten! Well et betrëfft ons alleguerten an net nëmmen déi Leit, déi speziell Bedürfnisser hunn, mee et betrëfft ons alleguerten. Et ka muer fir ons alleguerte sinn. An dofir soen ech Iech elo scho villvillmools Merci fir Är Zoustëmmung.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7975. Den Text steet am Document parlementaire 7975⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7975 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7975 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegheoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7883 – Proposition de loi portant modification 1^o de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de technologie de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ; 2^o de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Mir kommen elo zum nächste Punkt um Ordre du jour, der Proposition de loi 7883 iwwert den informatischen Ekipement an de Primärschoulen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dëser Proposition de loi, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Mme Martine Hansen (CSV), auteure-rapportrice | Merci, Här President. De 14. September 2021, matzen an der Covidkris, an där Zäit, wou och vill Home-schooling war, hunn ech dës Gesetzespropositioun deposéiert, mam Zil vu méi Chancégerechtkeet queesch duerch d'Land.

D'Gesetzespropositioun huet just zwee Artikelen, et geet also relativ séier. Éischtens: Mir froen eng Upassung vum Gesetz vun 1993 iwwert de SCRIPT an de CGIE, de Centre de gestion informatique de l'éducation. Et gëtt proposéiert, den Aufgabeberäich vun deem CGIE, dee bis elo just fir den Enseignement secondaire zoustänneg ass, also fir d'Lycéeën, och op d'Grondschoulen ze erweideren. Dat heescht, de Kaf vum informatesche Material, d'Maintenance an d'Assistance technique sollen och an de Grondschoulen iwwert de CGIE gemaach ginn an d'Gemengen esou entlaascht ginn.

Zweetens: Et gëtt eng Upassung vum Grondschulgesetz vun 2009 virgeschloen. Konkreet heescht dat, dass den Artikel 75bis soll reformuléiert ginn an deem Sënn, dass de Staat eebe soll verantwortlech ginn, fir d'Käschten am Zesammenhang mam informatesche Material vun de Grondschoulen ze iwwerhuelen. De Staat soll derfir suergen, dass all Enseignant, all Schüler, egal a wéi enger Gemeng e wunnt, iwwer gläichwäertegt Material verfüügt – an dëst am Sënn vun der Chancëgerechtegkeet.

Den 21. Oktober 2021 war d'Gesetzespropositioun an der zoustänneger Kommissioun um Ordre du jour, wou ech zum Rapporteur genannt gi sinn. Ech mengen, et ass déi éischte Kéier am mengem Liewen. Et ass awer net schéin an der Oppositioun, well da kënnt dee Rapport ëm dës Auerzäit. An ech mengen, e gëtt och nach net ugeholl!

Plusieurs voix | O!

Une voix | Et kann dach net sinn!

Mme Martine Hansen (CSV), auteure-rapporteuse | Déi verschidden Avis sinn ugefro ginn. De Syvicol huet säin Avis de 6. Dezember 2021 ginn. De Syvicol begréisst d'Gesetzespropositioun. E seet a sengem Avis, dass d'Prise en charge vun den Digitalisatioungskäschten an der Grondschoul vum Staat déi eenzeg Méiglechkeet wär fir sécherzestellen, dass all Schüler déi selwecht Chancen an der Ausbildung hätt.

D'Chambre des Salariés huet de 4. August 2022 hiren Avis zur Gesetzespropositioun ofginn. Och si begrëssen d'Gesetzespropositioun a weisen op hiren Avis zum Budget 2022 hin, wou si gefuerdert haten, dass de Staat misst de Schoulen e Budget zur Verfügung stellen, fir informatescht Material ze kafen, fir géint aktuell Inegalitéite virzegoen.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis dann den 29. August ofginn. Hiren Avis kann een an dräi Punkte resüméieren. Éischtens: Si encouragéiert all Initiativ, déi géint Ongläichheete virgeet. Si ënnersträicht d'Bedeutung vu reegelméissegem Weiterbildungen am Beräich vun der Informatik fir d'Enseignanten. An drëtens: Si weist drop hin, dass d'Fiche financière feelt, an dass si duerfir u sech d'Propositioun net kéint approuvéieren.

De Staatsrot huet säin Avis dann den 22. Juli 2022 ginn. Hie seet, dass et beim Legislativ léich, fir d'Opportunitéit ze beurteilen. Zum Fong vun der Propositioun huet de Staatsrot awer keng Observatiounen.

An da kommen ech zu dem an dësem Fall ausschlaggebenden Avis, nämlech deem vun der Regierung. Den 11. Januar dëst Joer huet d'Regierung an hirer Prise de position kloergemaach, dass si d'Gesetzespropositioun net géif ënnerstëtzen an dëst aus follgende Grënn:

Éischtens: De Fait, dass de Staat géif fir dat informatescht Material an de Grondschoulen d'Verantwortung iwwerhuelen, dass wär net reng eng finanziell, mee och eng organisatoresch Decisioun an et géif déi pedagogesch Autonomie vun de Schoulen an domadder och d'Gemengenautonomie betreffen, an d'Fro

vun der Gemengenautonomie wär net am Koalitiounsaccord virgesinn. Zweetens: D'Käschte fir d'Acquisitioun vum Material, 36 bis 45 Milliounen, wäeren net am Budget virgesinn. Drëtens: D'Regierung schätzt, dass 200 nei Poste misst geschaf gi beim CGIE. Véiertens: Si weist op de Problem vun der Responsabilitéit fir d'Sécherheet vum Material hin, an där Situatioun, wou de Staat fir d'Informatik responsabel wär, d'Gemengen awer fir d'Gebai.

Den 1. Februar 2023 ass dunn de Rapport an der Educatiounskommissioun presentéiert ginn an och adoptéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport an ech kommen och direkt zur Positioun – wann dat geet? – vun der CSV-Fraktioun.

(Assentiment de la présidence)

Discussion générale

A fir et direkt ze soen: Mir fannen et schued, dass dës Majoritéit d'Gesetzespropositioun einfach ofleent, ouni och nëmmen ze probéieren, de Problem op eng aner Aart a Weis ze léisen!

Well et gëtt Problemer vun Inegalitéiten, och hei am Land, och am Enseignement an de Schoulen. Net all Gemeng huet déi selwecht finanziell Mëttelen. Ech erënneren do un d'Gemegefinanzreform. Vill Gemenge kënnen d'Ham an der Mëllech kachen an aner Gemengen hu weeder Ham nach Mëllech a se sti mam Fanger am Mond do!

Modernt informatescht Material gehéiert awer an all Schoul, et ass eng wichteg Basis fir e modernt Léieren an et gëtt, mengen ech, nach ëmmer méi wichteg – an et gëtt och vum Ministère gefuerdert. A genau duerfir si mer der Meenung, dass de Staat muss seng Verantwortung iwwerhuelen am Sënn vun der Chancëgerechtegkeet.

Ma dat gesinn d'Regierung an d'Majoritéit, wéi ech a mengem Rapport erkläert hunn, anescht. Ech wëll awer op e puer eenzel Kritikpunkten agoen. Dat éischt ass de Fait, dass d'Regierung seet, dass hei géif jo och an d'pedagogesch Autonomie agräifen. Do soen ech als Enseignant, dass dat a mengen Aen awer – ech soen et elo, wéi ech et denken – Quatsch ass! Well d'pedagogesch Autonomie hänkt net vun der Hardware of, déi hänkt villméi vun der Software of a wéi een déi Hardware géif asetzen. Also ass dat fir mech keen Argument.

Dann dat zweet Argument vun der Gemengenautonomie: Och dat Argument kann ech u sech net akzeptéieren, well d'Argument selwer fuerdert jo ... Si wëllen déi do Verantwortung jo net, dat heescht, si wëllen an deem Beräich d'Autonomie net.

D'Käschten: Jo, et kascht eppes. Mee elo mussen d'Gemengen dës Käschte stemmen, a wéi gesot: Fir déi eng ass et kee Problem a fir déi aner ass et awer e grouss Problem! An da riskéieren d'Kanner eventuell, net vun deem néidege Material ze profitéieren, an d'Bildungsongläichheete riskéieren zouzehuelen.

An da verweisen ech awer op déi Etüd vun der OECD zur Gestiou vun der Kris. Déi gëtt jo dacks vun der Regierung gelueft. An do steet am Kapitel „Le système éducatif luxembourgeois pendant la pandémie“ eng Recommandatioun: „Repenser la répartition des responsabilités de gestion et d'équipement en infrastructure numérique des établissements scolaires entre l'État, qui fournit directement les lycées, et les communes, qui équiper les écoles par le biais de financements [...] de l'État. Dans le fondamental, la centralisation de la fourniture d'équipements numériques pourrait décharger les communes [...] et

harmoniser la qualité de l'infrastructure numérique entre les écoles elles-mêmes, mais aussi entre les écoles et les lycées.“

An da kommen ech u sech erëm zréck bei meng Remark vu virdrun, dass ass, dass ech et traureg fannen, dass d'Propositioun einfach ofgeschmettert gëtt, ouni awer och nëmmen eng Géigepropos ze maachen, ouni nëmmen ze probéieren, de Problem unzepaken! Well ech ka mer jo awer net virstellen, dass d'Majoritéit der Meenung ass, dass et keng Ongläichheete gëtt duerch d'informatescht Material. An eng Partie vun de Majoritéitsleit, déi hunn – mat hirer Gemengekap am Syvicol – d'Propositioun guttgeheescht.

Mee dann hätt ech mer definitiv erwaart, dass ee vläicht gesot hätt: „Dat do ass ze schwéier ze organiséieren“, oder: „Kommt, mir kafen nëmmen d'informatescht Material“, dass een zumindest iergendeng Léisung opgewisen hätt, well dat heiten ass schued fir d'Kanner an déi Jugendlech, well et ass eng verpasste Chance, fir fir Chancëgerechtegkeet queesch duerch d'Land ze suergen!

Am Numm vun der CSV-Fraktioun hunn ech dës Gesetzespropositioun gemaach a mir wäerten et natierlech och stëmmen. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Martine Hansen. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty agedroen. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty (DP) | Merci, Här President. Merci och dem Martine Hansen als Rapporteuse, natierlech zu spéider Stonn, mee trotzdem: Ganz gutt gemaach als Rapporteuse!

E puer Reflexiounen zu deem heite Sujet, well ech mengen, dass en net esou einfach ass, wéi dat vläicht an deenen Artikelen, déi solle geännert ginn, kléngt. Well et ass ugeklongen: Mir hunn am Moment eng Opdeelung zwëschent de Fraisen, déi de Staat dréit, an de Fraisen, déi d'Gemenge mussen droen. Mir ginn do vum Prinzip aus, dass de Proprietär vun engem Gebai och d'Ekipement dovunner soll bezuelen. An dës Prinzip, dee gouf och an éischter an och an zweeter Instanz vum Tribunal confirméiert.

D'Gemenge sinn obligéiert, souwuel d'Raimlechkeete wéi och d'Ekipement zur Verfügung ze stellen, déi fir de Grondschulunterrecht néideg sinn, dorënner och dat informatescht Material. D'Gemenge si Proprietär vun dëse Gebai an Ekipement a mussen dann och d'Fraisen dovunner droen. De Staat kann natierlech zu engem Deel zu dëse Fraise bäidroen. Dësen Deel gëtt dann och am Budgetgesetz fixéiert.

D'Regierung schätzt d'Käschte vun engem initialen Akaf vum IT-Material op zwëschen 36 a 45 Milliounen Euro. Dat hänkt och e bëssen natierlech dervun of, wat genau akaf gëtt, mee de Montant ass egal wéi fir en initialen Impakt enorm héich. An derbäi kommen natierlech nach méi grouss Personalkäschten, wann een dat mëttel- a laangfristeg kuckt, well, wann ee bedenkt, dass ee vu Wäiswampech bis op Rëmeleng a wann ee vu Stengefort bis op Waasserbëlleg dat do national reegelt, da brauch een natierlech och eng ganz Rei nei, kompetent Leit an där doter Matière.

Reflexiounen och zur Maintenance: Den Ament reegelen d'Gemengen d'Maintenance vum Material op ganz verschidden Aart a Weisen: Déi eng, déi fueren iwwer Kontrakter mat private Betriber, déi aner hu fir deen Zweck eege Leit agestellt. Also Firmen oder eege Leit, dat si meeschtens déi grouss Weeër. An et gouf eebe Kontrakter, déi ofgeschloss goufen, déi gëtt et haut, déi sinn en cours! Wann de CGIE dann

an Zukunft déi ganz Maintenance misst iwwerhuelen, werft dat natierlech och Froen op: Wat ass mat deene Kontrakter? Wat ass och mat deem Personal? Géifen déi iwwerholl ginn? Dat heescht, dat kann een, mengen ech, net vun haut op muer einfach esou duerch d'ännerung vun engem Artikel reegelen.

Et ass also éischters emol e Käschtepunkt an och en Organisationpunkt.

Dann natierlech awer och Reflexiounen betreffend déi lokal Bildungspolitik: D'Gemenge kënnen an hirem Plan de développement scolaire lokal Akzenter setzen, wat d'Prioritéiten vun hirem Bildungspolitik betrifft. D'Schoulgesetz vun 2009 gesäit vir, dass d'Schoulen eng gewësse pedagogesch Fräiheet hunn, wat och dat didaktesch Material betrifft. Déi sollen hiert Material – an dorënner fale Computeren – un d'Besoinen vun hire Schüler an hirem Géigend, an hirem Duerf, an hirem Gemeng kënnen upassen. Wann den Akaf awer elo zentral duerch de Staat gereegelt gëtt, géif fir d'Gemengen dës Fräiheet einfach just entfalen.

Dann ass och ugeklonge bei der Rapportrice, wat et betreffend d'Sécherheet vun den Ekipementen a Gebaier vun de Gemengen géif bedeiten.

Ech wëll net sou wäit goen, dass d'Iddi net kéint diskutéiert ginn. Ech mengen eebe just, dass et zu dësem Zäitpunkt net méiglech ass, einfach ze soen: „Mir änneren zwee Artikelen“, a muer reegelt dann de Staat dat do! Well dat géif – fir eng einfach Formel vläicht ze applizéieren – zu Problemer féieren, well et einfach net organisierbar wär vun haut op muer.

Ech mengen awer och, dass d'Autonomie communale hei eng Roll ze spillen huet an dass mer déi net einfach esou kënnen a Fro stellen. Et ass, mengen ech, manner d'Fro vum Finanzement, wéi dass mer müssen eng breet Diskussioun doriwwer féieren, wann ee wëll iwwert d'Kompetenzen vun de Gemengen schwätzen.

(Brouhaha)

An nach eng Kéier: Dat heescht net, dass mer elo kategoresch dergéint sinn, esou eng Diskussioun ze féieren! Mee ech mengen, et geet net, fir einfach just ze soen: „Mir änneren zwee Artikelen, domat sinn d'Problemer aus der Welt geschaf“, well ech mengen, domadder schafe mer eis kuerzfristeg definitiv méi Problemer, wéi mer der léisen.

An da ginn ech awer och ze bedenken: D'Iddi, mengen ech, ass nämlech, Madamm Hansen, dass d'Schüler gutt kënnen virbereet ginn op d'Zukunft. An dat wëll ech och guer net ofstreiden, dass Der dat mat där Iddi mengt. Just, wa mer de System hei eng Kéier opmaachen, da kann een dat do jo eigentlech weiderféieren: Wat huele mer nach alles eraus aus de Grondschoulen, wat mer dem Staat ginn? An och déi Diskussioun, déi kann ee féieren. Et muss ee just ëmmer wëssen: Et huet ze di mat Personal an et huet ze di mat Suen.

An dofir: Ech mengen, dass et eng interessant Diskussioun kéint sinn, mee just net just op zwee Artikelen op dësem spezifesche Punkt. An dofir soe mir als DP-Fraktioun Nee zu dëser Proposition de loi.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Lamberty. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Closener (LSAP) | Merci, Här Präsident. Virop der Madamm Hansen natierlech och e Merci fir hiren exzellente Rapport zu engem wichtige Thema. A scho wéi mer an der Kommissioun

eng éischte Kéier iwwert dëst Thema geschwat hunn, war mir déi Iddi, déi à la base ass vun der Proposition de loi, net ganz onsympathesch. Fir meng Partei ass de Prinzip vum der Chancégerechtigkeit an eisem Schoulsystem eigentlech eng Selbstverständlechkeet. All Kand, onofhängeg vun der Gemeng, an där et wunnt, soll a senger Schoul kënnen e Computer oder soss Outils benotzen, wéi et dat am Unterrecht brauch respektiv wéi de jeeweilige Schoulentwicklungsplang dat virgesäit. Dat ass souwiesou am digitalen Zäitalter eng absolut Noutwendegkeet an natierlech huet d'Pandemie eis demonstréiert, wéi vill een ugewisen ass op den Accès zu an den Émgang mat den digitalen Technologien.

Wéi gesot, d'Noutwendegkeet, fir sämtlech Schoulkanner esou een Accès ze erméiglechen, ass evident, do si mer eis eens. Leider ass et awer effektiv esou, dass den Ekipement a puncto informatesch Material vu Gemeng zu Gemeng ënnerschiddlech ass. Verschidde Gemenge leeë grouse Wäert drop, fir si ass et eng Prioritéit, fir all hiren Awunner – also eeben och de Kanner – de beschmögliche Zougang zu der digitaler Welt méiglech ze maachen. Anerer si manner gutt opgestallt oder si sinn eeben einfach net gewëllt, fir dat als budgetär oder schoulpolitesch Prioritéit festzeleeën.

Et stëmmt deemno, dass net all Kand hei d'selwecht behandelt gëtt, an dat ass net gutt an dat ass net am Sënn vun der Chancégerechtigkeit!

Trotzdem si mer awer net der Meenung, dass dës Proposition de loi de richtege Wee ass, fir de Problem ze léisen. Wuelverstanen: E muss geléist ginn, do si mer eis eens, mee dësen Text géif eng Rei nei Problemer mat sech bréngen. Den éischte Problem concernéiert natierlech déi prinzipiell Fro vun der Kompetenzopdeeling tëscht Staat a Gemengen. De rezenten Arrêt vun der Cour administrative huet jo nach eng Kéier confirméiert, dass d'Acquisitioun an den Entretien vum informatesch Material an der Responsabilitéit vun de Gemengen ass.

Wann een dat géif änneren, da kann ee sech jo och froen, wou een dann do de Stréch zitt tëscht Gemeng a Staat. An den Här Lamberty huet et ugeschwat: Firwat just d'Informatik an der Schoul? Da kann de Staat jo och direkt ganz an aleng responsabel gi fir alles, wat d'Grondschoul ugeet, sämtlech pedagogesch Material, déi allgemeng Ausstattung vun de Klassenstall oder d'Schoulgebaier tout court. A wat ass da mat der nonformaler Bildung? Iwwerhëlt de Staat dann och sämtlech Maisons relais? Wëlle mer dat? Wëllen d'Gemengen dat? Ech mengen net!

D'Gemeingenautonomie ass jiddefalls fir eis en anere wichtige Prinzip. Als LSAP sti mir dozou. D'Gemenge sinn no, ganz no bei de Bierger – an dat ass och gutt esou an déi Béchs wëlle mer eigentlech net opmaachen!

Dovunner ofgesi gëtt dee proposéierten Text keng Äntwert op d'Fro, wéi een dee ganze Switch géif organisieren. Wat ass mam Personal, dat sech haut an de Gemengen ëm d'Informatik këmmert? Mussen déi da lo de Patron wiesselen? Géifen déi bei de Staat goen? Dat heescht: D'Gemenge misste selwer erëm nei Informatiker astellen. Wat ass mat deene Gemengen, déi d'Informatik outgesourcet hunn? Wie mécht den Inventaire vun deene 400 Schoulgebaier? Wéi laang dauert et, fir op e gemeinsame System ze wiesselen? Wat maache mer an der Tëschenzäit? Froen iwwer Froen!

An derbäi kënnt natierlech och den zousätzleche Käschtepunkt: De Ministère schätzt, dass iwwer 200 Leit missten zousätzlech rekrutéiert ginn, a mir wësse jo schonn haut, wéi rar d'IT-Spezialiste sinn. Et misst eng nei staatlech Verwaltung geschafe ginn. Wéi gesot, de Käschtepunkt wier considerabel.

(Interruption)

Mee nach eemol: Mir sinn absolut derfir, dass all Schoulkand Zougang kritt zu engem Computer oder engem Tablet, sou wéi et gebraucht gëtt. Duerfir muss mer, mengen ech, am Sënn vun der Chancégerechtigkeit, e Schratt weidergoen.

2019 huet de CGIE e Guide vum informatesch Material an de Grondschoulen erausbruecht. Eng vun de Recommendationen ass zum Beispill: ee Computer op fënnef Kanner. Spéitstens no sechs Joer soll d'Material ersat ginn. Et gëtt och Recommendationen fir d'Gestioun vun de Softwaren, d'Mise en place vun engem sécheren Netzwierk an esou weider. Verschidde Schoulen – also Gemengen – setzen déi Richtlinnen ëm, verschiddener gi méi wäit. Et gëtt awer och Gemengen, déi dat net maachen.

De Guide a sech ass eng ganz gutt a wichteg Saach. D'LSAP ass awer der Meenung, dass déi Recommendationen méi e bindendene Charakter misste kréien. An anere Wieder: Et wier sënnvoll, sech op kloer Mindeststandarden ze eenegen, un déi all Gemeng sech misst hale beim informatesch Ekipement vun de Grondschoulen. Natierlech wier all Gemeng weiderhi fräi, iwwert dee Mindeststandard do erauszugeen.

Deem virusgoe misst awer natierlech och en Austausch mat de Gemengen, déi haut d'Recommendationen net erfüllen, fir eeben erauszefannen, ob se sech dat net leeschte wëllen oder ob se sech dat net leeschte kënnen. An deen État des lieux, deen Inventaire, dee wier egal wéi net vu Muttwëll. An da kéint een e Schratt weidergoen, mat de Gemengen diskutieren, fir eebe gemeinsam Mindeststandarde festzeleeën. D'Gemenge sinn no um Bierger, si kennen hir Leit, si kennen hir Besoinen, an zu deene Besoinen gehéiert de Schoulkanner hiren Accès zu zäitgemäissen a séchere Computeren oder Tabletten.

De Staat an d'Gemengen hunn hei eng gemeinsam Responsabilitéit, si sinn zesummen an der Pflicht, fir fir Chancégerechtigkeit fir d'Kanner ze suergen. Dozou sti mir an duerfir wäerte mir als LSAP dës Proposition de loi net esou kënnen stëmmen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Jo, och fir eis klénge dës Proposition de loi ganz sympathesch a si ass och sécher gutt gemengt, well éischters geet et jo ëm dat eedelt Zil, duerch e staatleche Finanzement duerfir ze suergen, dass all Schoulkand déi néideg informatesch Outilen zur Verfügung huet, déi am digitalen Zäitalter an de Schoulen nu mol gebraucht ginn. An zweetens freeën d'Gemeengeresponsabel sech natierlech iwwer all Euro, dee se net müssen ausginn, an dowéinst géife se ganz sécher net Nee Merci soen, wann de Staat de Finanzement vun den informatesch Ekipementen an de Schoule géif iwwerhuelen. De Problem ass awer, dass et net esou einfach ass, wéi et klénge.

Et gëtt nämlech scho méi komplizéiert a méi onkloer op den zweete Bléck, wann ee sech virstellt, dass en Deel vun de kommunalen Informatikreseauen – notament déi vun de Schoulen an net déi vun der Verwaltung, obschonn déi Reseauen oft zesummenhänken – an dann en plus sämtlech informatesch Installatiounen an de Grondschoulen zentral vum Staat respektiv vum CGIE gereegelt a geréiert solle ginn. An dat just dann, wa se fir schoulesch Zwecker genotzt ginn an net zu aneren Zwecker, wéi beispillsweis fir

d'nonformal Bildung, woufir déi Säll jo och kennen zur Verfügung gestallt ginn, wou awer dann net aus dem Text ervirgeet, ob dann och déi selwecht Zou-stännegeekt wäert gereegelt ginn iwwert de CGIE oder awer iwwert d'Gemeng selwer.

Net kloer ass och, ob just déi informatesch Outil viséiert ginn, déi d'Kanner am normale Schoulall-dag als materielle Support benotzen, oder och déi Outilen, déi fir d'Éducation aux médias gebraucht ginn a vu Schoul zu Schoul variéieren, an zwar jee no Schoulpopulatioun, jee no Alter, jee no Projet a jee no pedagogescher Approche, déi vun den Enseignanté gewielt ginn an op déi eenzel Gruppe ganz genee zougeschnidde ginn.

Als Gréng woe mir hei ze bezweifelen, dass de CGIE staark genuch opgestallt ass, fir d'Éducation aux médias schonn aleng logisteschem an all Grondschoullklass vum Land ze geréieren. An dofir ass et och kee Wonner, dass d'Regierung vun engem Personalman-gel op deem Niveau schwätzt, wa mer op dee Wee géife goen. 200 nei Persounen, déi missten do age-stallt ginn, wäer schonn e gudde Batz. An, wéi gesot, mir fannen net méi vill Leit um Aarbechtsmaart, déi iwwerhaupt déi Kompetenzen hunn. Si si sou wierklech ganz rar an deem Secteur, während se an de Ge-mengen awer scho schaffen an och agestallt sinn.

Net ausgeräift ass dës Proposition de loi dann och um Niveau vun der Mengengautonomie, wéi elo scho méi oft widderholl ginn ass, a virun allem och um Niveau vun der Autonomie vun de Schoulen, also deenen zwee Grundprinzipien, déi an eiser Legisla-tioun kloer verankert sinn. Hei stellt sech notament d'Fro, ob d'Autonomie vun de Schoulen net prinzi-piell respektéiert muss ginn, wann et ëm de Choix vum informatesche Material geet, mat deem an där enger oder anerer Schoul geschafft soll ginn. Dat ass a mengen Aen net kompatibel mat der Fuerderung, dass all Schüler déi selwecht Ekipementer muss zur Verfügung gestallt kréien, wéi et am Text heescht.

Jiddwerfalls weess an eisen Aen d'Léierpersonal, dat um Terrain schafft, am beschten, wéi ee Material fir wéi eng Schoulpopulatioun a fir wéi eng pedagogesch Approche néideg ass, an och zu wéi engem Zäitpunkt. Un der Mengeng – an déi huet nun emol och hir Ver-antwortung ze droen – ass et dann, dës Uschafung am Dialog mat de Schoulpartner, mat de Schoulkom-miteeën a respektiv och mat der Schoulkommissioun an d'Weeër ze leeden a se dann och ze finanzéieren.

Natierlech si mer eis bewosst: Dat kascht Geld. Et erlaabt awer och en differenziéiert Virgoen, dat op d'Besoinen vun de jeeweilege Schüler zougeschnidde ass, an et stärkt den Dialog tëscht de Schoulen an de Mengengen. An ech mengen, dat ass e ganz wichtige Volet.

An deem Kontext woen ech och ze soen, dass all res-ponsabel Mengengeféierung sech hirer Verantwor-tung bewosst ass a bereet ass, déi néideg Budgeten zur Verfügung ze stellen. Ech gesinn dat net esou schwaarz wéi d'Madamm Hansen. Ech géif scho mengen, dass d'Mengengeféierung virun allem an der Pandemie erkannt hunn, wéi wichtig et ass, hir Schülerpopulatioun gutt ze bestécken.

Wat de Budget ugeet, wéilt ech eng Ziel nennen aus enger Mengeng, déi ech besser kennen. Well ech Schoulschaffin sinn, hunn ech gekuckt: De Budget fir d'Schoule läit am informatesche Beräich bei 230 Euro pro Kand am Joer an dréit praktesch alle Besoinen Rechnung, déi vun de Schoulen un d'Gemeng eruge-droe ginn. Bei eppes iwwer 1.000 Schüler sinn dat 254.000 Euro am Joer. Dat ass natierlech Geld, jo, et ass Geld, et ass vill Geld, deemno wéi een et gesäit, et ass awer och net d'Welt par rapport zu villen aneren Depensen, déi d'Gemeng ze tätigen huet.

Eng weider fundamental Fro ass dann déi, ob dat in-formatescht Material prinzipiell zu den Ekipementer vun der Schoulinfrastruktur gehéiert – och dovun ass scho geschwat ginn – oder eben vun pedagogesche Material vun de Schüler. Dës Proposition de loi erhéit am Fong den Usproch, dës Punkt nei ze interpre-téieren an deem Sënn, dass en anescht interpretéiert gëtt wéi vum Verwaltungsgericht, wou jo schonn en Urteel gesprach ginn ass a wou ech elo net am Detail drop aginn, well et bekannt ass.

D'Verwaltungsgericht huet an der éischter an och an der zweeter Instanz nämlech festgehalten, dass dat in-formatescht Material zu der Infrastruktur gehéiert an deemno vun der Mengeng finanziert muss ginn. An da stellt sech eeben och d'Fro vum Finanzement vum Sportsmaterial, vun de Museksinstrumenter, dem Material fir den Éveil aux sciences, fir Konscht an esou weider.

Sollt déi Diskussioun dann nach eng Kéier gefouert ginn – mir verschléissen eis där guer net –, da muss dës spezielle Volet natierlech an de Gesamtkontext gesat ginn an da muss och de Gesamtkontext disku-téiert ginn an da muss gekläert ginn, ob a wéi sën-nvoll et definitiv wär, de Secteur vun de Grondschoulen nach méi vun de Mengenge lasszekoppelen, wéi se scho mam Schoulgesetz vun 2009 lassgekoppelt gi sinn. Souwäit ech weess, war dat nach laang net ëm-mer am Sënn vun der CSV!

Här President, well dës Proposition de loi méi Froen opwerft, wéi se der Léist, kennen och mir se net ën-nerstëtzen. Mir stellen awer och – wéi meng Virried-nerinnen – net a Fro, dass d'Kanner eng gutt Bildung a gutt Outilen mussen zur Verfügung gestallt kréien an dass alles muss gemaach ginn, fir d'Bildungsgerech-tegkeet ze stärken. Mee och do hunn d'Mengengen hir Verantwortung ze iwwerhuelen. A fir dass d'Ge-mengen hiren Deel dozou bäidroen kennen, brauche se natierlech finanziell Mëttelen, ...

(Interruption par la présidence)

... an dofir ënnerstëtze mer och all Schrëtt, deen um nationale Plang gemaach gëtt, fir d'Mengengefinan-zen ze stärken.

An dann nach just ee Saz: Mir géifen et begréissen, wann déi staatlech Subventiounen, déi d'Mengenge beim Bau vun enger neier Schoul an Usproch kennen huelen, no uewen ugepasst géife ginn, well et ass do, wou et richtig deier gëtt, do schwätze mer net vun 230 Euro pro Kand, mee vu Milliounen a Milliounen.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Lorsché, Dir musst zum Schluss kommen!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | An och déi musse mer investéieren.

A well ech gesot hat, ech géif nach just ee Saz soen, halen ech mech drun. Deen ass gesot. An domat soen ech, dass ech Äre léiwe Rapport (veuillez lire: Är léif Proposition de loi) net ka stëmmen – a merci, dass Der se awer deposéiert hutt.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och dem Martine Hansen fir de Rapport an och fir déi Propositionen.

Ech wollt e puer Saache vläicht ganz kuerz hei eng Kéier urschwätzen. Méi allgemeng hu mer jo bei de Primärschoulen, oder Grondschoulen, wéi se elo heeschen, d'Fro, a mir wëssen dat elo, mee vill Leit wëssen dobaussen net: Wat reegelt do d'Gemeng – d'Personal? –, de Staat, wat reegelt de Staat?

Sou kennen ech zum Beispill vill Leit, déi mengen, dass de Buergermeeschter de Chef vum Léierpersonal wier, esou Saachen. Also, ech mengen, dass do schonn e gewëssene Mischmasch ass, deen eis vläicht – oder deenen, déi an der Mengengeresponsabilitéit sinn – ganz evident schénkt, mee deen d'Leit dobaussen, deene mer an de Mengengen jo no solle sinn, guer net kennen novollzéien. An dann déi verschidde Kom-miteeën, déi et gëtt – eng relativ komplizéiert Ge-schicht!

Soit. Hei ass jo dann d'Fro, ob am Fong d'Mengenge kennen assuréieren, dass d'Kanner an der Primär-schoul dat néideg an adequat informatescht Mate-rial hunn. An do stellen ech mer dann d'Fro: Gëtt et dann eventuell Mengengen, déi dat net assuréieren? Gëtt et Mengengen, déi dat net kënnen bezuelen oder net wëlle bezuelen? Gëtt et Mengengen, wou dat in-formatescht Material tatsächlech sou ënnert dem Ni-veau ass, wéi dat vläicht am Duerchschnitt ass oder wéi dat misst sinn? Dat ass d'Fro, déi ech mer stellen.

Wann ech da kucken, dass awer dann och hei ... Ech weess et jo net, ech sinn net an all deene Mengengen do. Wann ech gesinn, dass de Syvicol dann awer seet, dass dat heiten eppes wier, wat néideg ass, da ginn ech dervun aus, dass effektiv e Problem do ass. Déi soen dat jo net just, fir Suen ze kréien. Déi soen dat jo, well e Problem do ass! Déi si jo um Terrain.

An aus deem Grond sinn ech am Fong der Mee-nung ... Quitte dass ee kann driwwer schwätzen, dass dat problematesch ass, hei 200 Leit ze fannen. Mee dat hu mer jo an alle Beräicher hei am Land, dass mer keng Leit méi fannen. Ech mengen awer, dass dat heite grondsätzlech a wierklech am Sënn vun enger Chancégerechtgkeet vu Mengeng zu Mengeng, vu Schoul zu Schoul fir d'Kanner eppes ass, wat positiv ass. An duerfir wäerte mir dat heiten och mat ënner-stëtzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Léink) | Här President, als Alleréisch emol der Rapportrice e ganz grouse Merci fir hiren exzellente mëndlechen a schrëft-leche Rapport. Mir fannen dës Proposition de loi ganz sympathesch, well et gëtt Mengengen, déi hu Schoulen, déi si super, super ekipéiert mat Informa-tiksmaterial – ech kennen do eng, do wou ech och selwer wunnen, d'Mengeng Suessem, do feelt wierklech nischts –, et gëtt awer och Mengengen, déi si méi schlecht wéi recht ekipéiert, egal aus wéi enger Ursaach, esoudatt eng seriö Aarbecht mat de Kan-ner dann dee Moment och net esou am Kader vun deenen „digital classrooms“ ka stattfannen.

An et gëtt dann awer och Mengengen, bei deenen d'Material fir d'iPad-Klassen zwar do ass, mee awer ganz ongläich tëschent verschiddene Schoulen op-gedeelt ass. An et gëtt schlussendlech Mengengen, déi sech weigern, dat Material op eege Käschten ze kafen, och wa se déi néideg Moyaenen dofir hunn. Zu Käerjeng zum Beispill weess ech, dass ëmmer erëm d'Problematik besteet, firwat d'Gemeng dat Material misst bezuelen, dat wier eng Saach eigentlech vum Staat.

A wie gëtt eigentlech domadder bestrooft? D'Kanner! D'Kanner, déi do an d'Schoul ginn, d'Elteren, déi mat de Kanner solle schaffen, d'Enseignanté ginn eigent-lech da bestrooft, wa keen esou e Material do ass aus egal wéi enge Grënn, well da feelt nämlech déi Méig-lechkeet, dem nationale Schoulprogramm nozagoen, well dee gesäit jo awer iPad-Klasse vir. An e gesäit

och vir, datt d'Kanner schonn am Fundamental solle codéiere léieren. A wann also d'Material plazeweis an de Schoule feelt, da suergt dat fir feelend Bildungschancen a fir Ongläichheeten.

E Buergermeeschter, dee sech am Prinzipp weigert, dat Informationsmaterial ..., Informatiksmaterial – pardon, et ass scho spët – fir d'Schoulen a senger Gemeng unzeschaffen, handelt géint den Interessi vun de Kanner, wéi ech scho gesot hunn, an dat ass einfach schued! Mat där heiter Proposition de loi kéint een dat alles verhënnere. Dat ass dofir an eisen Ae wierklech dee richteg Wee, fir datt mer kucken iwwert d'Education, datt wierklech an all Schoule Chancëgläichheet do ass.

Et gëtt Problemer, Dir hutt et hei gesot, d'Virriednerinnen a -riedner hu ganz vill Problemer ugeschwat. Mee dofir ass jo awer eng Kommissiounssëtzung do! An ech fannen, fir all Problem gëtt et eng Léisung, a mir hätte kënnen derfir suergen an där Kommissioun, dat do adequat an uerdentlech ze diskutieren. Fir all déi Problemer, déi opgetaucht sinn, hätte mer bestëmmt eng Léisung fonnt.

Ech sinn der Meinung nämlech, datt d'Gemengen och kéinten einfach e Budget, e „Budget x“ soen ech emol, zur Verfügung gestallt kréien, dee si da selwer ausschliesslech fir d'Informatiksmaterial kéinten asetzen. An da kéint jo all Gemeng op d'Besoinen vun hire Bierger a Biergerinnen oder vun hire Kanner agoen. D'Gemenge kéinten dann iwwert hir Schoulkomiteeën, iwwert hir Comités de cogestion an iwwert hiren eegene Service informatique och Pläng schaffen. Dat misst scho verbindlech sinn, datt de Ministère och gesäit: Wat gëtt gemaach? Wéi gesäit dee Plang aus? Wivill Material hu se? Wat brauche se zousätzlech? Wéini soll dat Material ausgetosch ginn? Ech mengen, et ass jo net, fir einfach esou de Gemengen déi Suen ze ginn, mee do soll schonn hannendrun e Plang bestoen.

An da kéint een ... Et ass gesot ginn: „Mir brauchen da 400 nei Leit, déi musse mer dann astellen, fir d'Informatik ze geréieren.“ Nee, d'Gemengen hunn dat jo alles schonn! Do kéint ee jo och dann hinnen ënnert d'Äerm gräifen an eeben eventuell en Deel vun de Paie bezuelen oder, wa se eng Maintenance maachen iwwer Firmaen, déi Fraisen zum Beispill iwwerhuelen. Ech mengen, do wier et eng ganz Rei Léisunge ginn, déi elo net esou an deem Gesetz hei stinn, mee déi een hätt kënnen adaptieren, an da wier dat awer schonn eng ganz flott Saach gewiescht.

Et ass geschwat gi vun de Kompetenzen vun de Schoulen, vum PDS (ndlr: Plan de développement de l'établissement scolaire). Ech mengen, och e Schoulentwicklungsplang kéint net méi ouni Computeren aus, egal wéi eng Schwéierpunkten ee sech gesat huet, et brauch een awer dat informatesch Material. Doriwwer si mer scho wäit eraus, datt eng Schoul wierklech ouni dat eens gëtt. Voilà!

Also, mir wäerten dat ënnerstëtzen. Wéi gesot, et ass net perfekt, mee et geet fir eis awer an eng richteg Richtung a mir wëlle weisen, datt mer mat där Richtung eigentlech d'accord sinn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci fir d'éischt emol dem Martine Hansen fir déi gutt Propos, déi awer muss diskutiert ginn a wou ee sech awer Gedanken driwwer maache soll, well wat d'Buch vu gëschit war, ass d'IT-Material vun haut. Et

ass also eng Erausforderung an a mengen Iwwerleeungen – an och an den Iwwerleeunge vun de Piraten – geet et guer net ëm d'Geld an där Geschicht, et geet einfach drëm, dass een déi selwecht Chancë muss hunn. Well ob de Staat et elo bezilt aus enger Hand vun de Steiergelder oder d'Gemeng aus där anerer, et ass kif-kif! Et geet drëm, dass einfach jiddereen soll déi selwecht Chancen hunn.

Mir hunn elo zënter gëschit 100 Gemengen am Land, da sinn et och 100 verschidde Chancen, déi déi eenzel Kanner herno um Terrain hunn. Et sinn 100 verschidde Aarbechtsbedéngungen, déi d'Educationspersonal huet. An dat ass eppes, wou mer als Chamber müssen eng Kéier méi op de Fong goen. Wéi kann et an esou engem klengen Land sinn, dass mer 100 verschidde Chancen hunn, dass ee muss ...? Jo, ech hat eng Kéier dem Fränk Colabianchi gesot: „Bei dir ass jo eppes wéi Disneyland! Dat ass jo super bei Dir zu Bartreng, do ass alles un IT-Material!“

Wann een d'Chance huet, do ze liewen an do an d'Schoul ze goen, huet een natierlech aner Chancen, fir an d'Liewen ze starten, wéi elo an enger anerer Gemeng – an dat ass eng Ongerechtegkeet! Dat ass eng Ongerechtegkeet, iwwert déi mir als Parlament eng Kéier musse schwätzen, well déi 60 si gewielt fir jiddereen. An dat ass déi Ongerechtegkeet, déi mer müssen aus der Welt schafen.

D'Personal ass jo och net iwwerall d'selwecht opgestallt, dat hu mer an der Covidpandemie gesinn. Ech hunn do jo och Question-parlementairen derzou gestallt. Et gouf dem Personal gesot: „Maacht Home-schooling!“ Jo, si kruten awer d'Material net zur Verfügung gestallt! Dat heescht, si hu misse kucken, dass se dat privat Material dann huelen, fir iergendwéi mat de Kanner kënnen déi Schoul ze halen.

Do hat ech dann och nach ganz frech gefrot, ob de Ministère da weinstens iergendwéi do géif entgéintkommen an an deene Situatiounen dann d'Material géif ganz schnell zur Verfügung stellen – ass awer leider net esou! Dat heescht, alleguerten déi an de Primärschoulen, déi hu misse kucken, dass se iergendwéi als Personal eens gi sinn, well se dat net haten. An on top kënnt nach derbäi: Déi, déi dunn eppes kaf hunn, hunn dann och nach Schwierigkeeten, fir dat steierlech ofzesetzen. Dat heescht, een, deen dohinneergeet an e seet och nach: „Ech maachen et privat, ech kafen deen“, deen huet och nach esou vill Bedingungen, dass en dat steierlech emol net einfach kann ofsetzen. Dat ass deen anere Problem, dat ass d'Question parlementaire 5505 vum 22. Februar d'lescht Joer.

Déi 36 bis 45 Milliounen, déi de Staat geschat huet, jo, an déi 200 Leit – mee rechent dat emol eng Kéier ëmgedréint –: Wéi vill géift Der da spuere par rapport zu elo? Elo hutt Der 100 Gemengen, wou jiddereen seng Informatiker muss astellen. Herno hutt Dir der 200 ... Ech verstü just Är Zuelen net, well dee CGIE – ech hunn dat elo nagesicht –, dee gëtt selwer un op sengem Internetsite, 30.000 iPads, 20.000 Computeren a 600 Serveren ze hunn. Dat ass schonn eppes Gréisseres! Dass déi müssen 200 nei Informatiker astellen, fir de Gemengen eppes ze ginn, wat den Educationsinistère jo a sech virgëtt ... Den Educationsinistère seet dem Personal: „Dir musst“, ech weess, ech sinn dergéint, „den Office 365 benotzen“, mee Dir gitt et awer vir, mee de Support kënnt awer net vum Educationsinistère!

Gesitt Der, wéi vill Problemer do sinn? Ech soen net, dass deen heiten Text déi perfekt Léisung ass, mee als Chamber sollte mir awer deen dote Problem eng Kéier seriö diskutieren, op där enger Säit fir d'Personal, fir Léisungen ze sichen, op där anerer Säit awer och fir d'Schüler. Well wéi ech am Ufank gesot hunn:

Et ass net eng Käschtefro, déi herno soll bestëmmen, wéi eng Chancen een am Liewen huet.

Beim Dateschutz, do muss ee jo och soen ... Ech war do e bëssen iwwerrascht, wéi de Minister mer op d'Question parlementaire geäntwert huet, dass ee soll dann de private Support benotzen. Dat heescht, all déi Daten, déi d'Educationspersonal huet, iwwert d'Schüler, d'Auswäertungen, dee ganzen Office 365, do seet den Educationsinistère dann an der offizieller Question parlementaire, dat solle se op engem private Computer benotzen. Dat ass fir eis Piraten total onlogesch. An dat ass och einfach näischt vun Dateschutz verstanen!

Wa mer gären en Dateschutz hätte fir alleguerten déi Date vun de Kanner, mee da muss den Educationsinistère senge Leit – an dat ass nu mol an de Gemengen de Fall, dass den Educationsinistère och sech ëm d'Personal këmmer –, da musse mer deenen och dee Support zur Verfügung stellen. Mir müssen hinnen dann och dat néidegt Material ginn. Wéi soll ee schaffen, wann een dat net zur Verfügung kritt? Well dat ass awer den Educationsinister, dee gewësse Kadere setzt, dee seet, wéi eng Software ee muss benotzen, wat ee soll maachen – mee e gëtt näischt! An dat ass eng Diskussioun, déi een eng Kéier muss féieren.

Et ass einfach, elo ze soen: „Dat dote kënnt vun der Oppositioun, da leene mer emol of!“, mee mir hunn awer schonn e puermol opgeworf, dass et do Problemer gëtt! A wat ass bis dohinne geschitt? Well dat dote war elo 2022; ech kann och nach zrücksiche goen, et sinn och nach aner Question-parlementairen do, déi de Problem opgeworf hunn. Bon, Kapp an de Sand an et geschitt näischt!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Et sinn der esou vill, dass e sech net méi erëmfënnt.

M. Marc Goergen (Piraten) | Genau, Här Di Bartolomeo, Dir hutt Recht, et sinn der esou vill, do géif ech se net méi erëmfannen! Dofir hat ech mer déi heiten elo erausgesicht, well ech déi nach am Kapp hat vun deemools mat där Problematik, well eeben d'Léierpersonal deemools während Corona schonn déi Problemer opgeworf huet. Wat ass geschitt? Näischt! Si stinn nach ëmmer haut ouni dat néidegt Material do, well de Ministère sech et einfach bequiem mécht a seet: „Dat maachen déi 100 Gemengen.“ Déi 100 Gemenge müssen eens ginn, an doduerjer, wat ass et? De Bierger huet herno net déi selwecht Chancen!

Mir sinn eeben e Parlament, wat fir jiddereen gewielt ass, da solle mer och jidderengem déi selwecht Startchancen an d'Liewe ginn, an net ofhängeg dovunner, wou ee wunnt!

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsinister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat kënnt net dacks vir, datt ech der Madamm Hansen Merci soen als Rapporteur vun hirer eegener Proposition de loi. Ech denken, datt an deem Rapport – schrëftlech wéi awer och mündlech – hei sämtlech Argumenter schonn eng Kéier ganz objektiv duergeluecht goufen, souwuel de Pro wéi och de Kontra, fir an déi dote Richtung ze goen. Eenzel Riedner hunn et vun där enger Säit respektiv vun där anerer Säit och nach eng Kéier belicht.

D'Regierung huet sech effektiv derfir ausgeschwat, elo net deen dote Wee ze goen, well mer och

mengen, datt en isoléiert just op d'informatescht Material net ze goen ass. An ech denken, dat sinn organisatoresch Argumenter, et si logistescht Argumenter, et sinn technesch Argumenter, et juristescht Argumenter, déi hei awer ganz kloer soen: Esou einfach, wéi et hei proposéiert ass, geet et sécherlech net.

Do dernieft huet d'Regierung awer och nach ëmmer eng prinzipiell Haltung, datt mer soen: Déi Bildungspartnerschaft, déi mer hunn tëschent staatlechen Instanzen an de Gemengeninstanzen, fir eebe gutt Bildung och an der Grondschoul ze assuréieren, ass eng Plus-value. Et ass eng Plus-value, well mer zesumme kënnen kucken, eeben alles dat ze maachen, wat all d'Riedner hei vereent huet: nämlech ze kucken, d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, datt d'Schoulpersonal gutt ka schaffen an datt all Kand gutt Moyenen huet, fir kënnen säi Schoulparcours ze maachen, d'technesch Moyenen an Ekipementer huet an e Kader duerfir féint. Do denke mir als Regierung op jidde Fall, datt et eng Plus-value ass, datt mer do als Gemengen an als Staat zesummen un engem Strang zéien.

Bis elo ass et déi dote Kompetenzopdeeling an ech warnen op jidde Fall virdrun, fir elo just ee Punkt do ze diskutéieren. Wann een deen dote wéilt änneren, da misst ee sécherlech méi grondsätzlech kucken. An am Avis vun der Regierung hu mer jo och drop opmierksam gemaach, wat dann nach vu Froe misst kommen. Ech géif souguer soen, wann een elo seet, fir de Kanner dee selwechte Kader an de Schoulen ze bidden, misst ee kucken, datt de Staat dat dote quasi integral finanzéiert, da kéint een dat selwecht Argument op eemol fir quasi all obligatoresch Missiounen vun de Gemengen hei och uwenden. An dann, all obligatoresch Missiounen, déi eigentlech vun de Gemenge musse fir d'Bierger gelescht ginn, wann déi déi selwecht Qualitéit missten hunn, da misst eigentlech de Staat den integrale Finanzement dovun assuréieren, mee et eigentlech selwer och an d'Hand huelen, dat heescht, et verstaatlechen.

Oder, wann ech dat doten Argument nach eng Kéier weiderdreien: Da géifen d'Gemengen hei finalement ganz vill Kompetenz opginn. An ob et dat ass, wat mer wëllen, dat woen ech ze bezweifelen! Ech war e Buergermeeschter, deen ëmmer houfreg drop war, fir senge Schoulen, sengem Schoulpersonal an och senge Schülerinnen a Schüler an de Grondschoule gutt informatesch Ekipementer zur Verfügung ze stellen, awer och do dernieft ze kucken, datt mer gutt an d'Gebaier investéiert hunn, datt mer se ausgebaut hunn, datt mer se moderniséiert hunn, datt mer Schwämmcapacitéiten haten. Well alles dat dréit derzou bäi, datt et do eng Chancëgläicheit gëtt! An nach eng Kéier, ech denken, wa mer zesummen, Staat a Gemengen, an déi dote Richtung schaffen, da komme mer e Stéck méi wäit.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Educationminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7883. Den Text steet am Document parlementaire 7883⁵.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7883

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maache lo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi 7883 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme verworfen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon

Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ech géif dann d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Proposition de loi.

(Brouhaha)

Mme Martine Hansen (CSV) | Ech hat elo grad e Rapport iwwert eng Proposition de loi, mee dat geet am Prinzip duer fir mech den Owend.

M. Fernand Etgen, Président | A ok.

(Hilarité)

Dann hat een dat hei uewen net richtig verstanen.

8. 8012 – Projet de loi portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

Da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour an dat ass de Projet de loi 8012 iwwert d'Schaf vum Institut national des langues Luxembourg. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Jo, merci, Här President. „Sproochevillfalt“ a „Lëtzebuerg“, dat sinn zwee Begrëffer, déi ganz oft zesumme genannt ginn.

(Interruption)

Mat vill Bewonnerung gëtt oft am Ausland op Lëtzebuerg gekuckt, wann ee beschreift, wéi breet a wéi vill Sproochen hei am Land present sinn. Aleng schon, wann ee kuckt, wéi eis Kanner opwuessen a wéi vill Sproochen si an hirem Schoulparcours léieren, dann ass dat einfach e ganz groussen Atout vun eisem Land.

Als weltoppent Land kommen natierlech och vill Leit aus dem Ausland bei eis, fir hei ze liewen an och fir

hei ze schaffen. Oft mussen dofir nei Sproochen geléiert ginn oder awer och Sproochen zertifizéiert ginn, heiansdo och Sproochen perfektionéiert ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

An do brauch een Ulaustellen! Schliisslech kann d'Léiere vun enger Sprooch engem och ganz nei Perspektive bidden, sief dat am Beruff, mee sief dat awer och heiansdo am Privatlewen. D'Sprooch spillt also eng primordial wichteg Roll fir ganz vill Leit, an dat a ganz ënnerschiddleche Situatiounen.

Den INL, den Institut national des langues, ass zu Lëtzebuerg dee wuel wichtigsten Acteur, wann et ëm Sproochecoursé fir Erwuessener geet. Sait senger Grënnung am Joer 2009 ass d'Demande fir seng Coursé konstant an d'Luucht gaangen. Méi wéi 150.000 Inscriptiounen huet den INL iwwert déi lescht zéng Joer gezielt, dorënner virun allem auslännesch Residenten, Frontalieren, Primo-arrivanten, also Leit, déi nei hei an d'Land, op Lëtzebuerg komm sinn. Och ënnert den europäesche Fonctionnaires an am Bankesecteur sinn d'Sproochecoursé vum INL ganz beléift, an dat net zu Onrecht, schliisslech proposéiert den INL eng grouss Panoplie un international unerkannte Formatiounen.

Och wann d'Léiere vu Friemsproochen haut an och an Zukunft ëmmer op éischter Plaz wäert stoen, sou huet den INL am Laf vun de Joren awer eng ganz Rei vun aneren an neie Missiounen bäikritt. Niefte dem rengen Apprentissage ass den Institut haut nämlech och nach zoustänneg fir d'Zertifiziéiere vu Sproochekompetenzen a fir d'Formatioun un Leit, déi d'Lëtzebuurger Sprooch wëllen enseigner.

Mee vu datt dës Missiounen net alleguerde kloer gesetzlech festgehalde goufen, hëlt de virleiende Gesetzesprojet genau dës Punkten op de Leescht. Dat aalt Gesetz vun 2009 gëtt abregéiert an duerch en neien Text ersat, deen der Evolutioun vum INL Rechnung dréit. Engersäits ginn d'Aufgabeberäicher vum Sproocheninstitut méi kloer definéiert an anersäits verschidden Adaptatiounen un der Organisatioun an um Fonctionnement vum INL virgeholl.

An engem éischte Punkt proposéiert dëse Projet de loi, den Numm vum INL liicht ëmzeänneren. Aus dem „Institut national des langues“ gëtt elo den „Institut national des langues Luxembourg“. Mir hänken also d'Wuert „Lëtzebuerg“ un den alen Numm drun, fir déi lëtzebuergesch Originne vum INLL no baussen och nach besser ervirzehiewen.

An engem zweete Punkt preziséiert dësen Text déi verschidde Charakteristike vun de Sproochecoursen, déi den INLL kann organiséieren.

(Interruption)

Niefte den normalen Dagescoursen, den Intensivcoursen an och den Owescoursé ginn och ganz spezifesch Formulen ugebueden, déi de jeeweilege Besoine vum Marché entsprechen. D'Coursé gi souwuel en présentiel wéi och à distance oder souguer an hybrider Form organiséiert. Vum Niveau A1 bis C1 – an am Franséischen och C2 – ginn am INLL sämtlech Sproochenniveaue couvréiert.

Fir der grousser Nofro no de Coursé gerecht ze ginn, goufen an de leschte Jore schon Annexen zu Miersch an am Belval opgemaach. De virleienden Text proposéiert elo, eng weider Annex am Norde vum Land ze grënnen a soumat d'Dezentraliséierung vum INLL virunzedreien.

Une voix | Ganz gutt!

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Mat enger drëtter Annex sollen an Zukunft nach méi Kandidaten un de Sproochecoursé kënnen deel huelen a ganz